lomeo, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Rapport vun der Commission des Finances et du Budget iwwert de Projet de loi 4700, de Statsbudget vum Joer 2001, an dat esou wéi et am Artikel 105 vum Chamberreglement festgehalen ass.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

3. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech am Optrag vun der Finanz- a Budgetskommissioun ugefaangen hunn, mech mam Budgetsrapport 2001 auserneen ze setzen, hunn ech mir selbstverständlech Gedanken iwwert d'Bedeitung vun dësem Exercice gemaach. De „Petit Robert" definéiert den Terme „Rapport" iwwregens mat folgende Wierder: „Action de raconter, d'exposer à quelqu'un ce qu'on a vu et ce qu'on a entendu."

Wann ee wëllt wëssen, wat de Leit hir Meenung ass, wann ee wëllt héieren a gesinn, wou d'Problemer sinn déi dëst Land huet, da muss ee sech mat esouvill wéi méiglech Acteurë vun eiser Gesellschaft ënnerhalen. Déi 39 Entrevuen, déi ech finalement mat Leit aus alle soziale Schichten hat, hu mir et erlaabt e relativ preziist Bild vun de Vuen iwwert de Funktionement vun eiser Gesellschaft an eisem Stat ze zeechnen. Dës ganz nëtzlech Gespréicher hunn och gewisen, datt eist Land, wat zënter enger Rei vu Joren ouni Zweifel vum Wuelstand verwinnt gëtt, trotzdeem seng Schietsäite kennt.

De Rapport iwwert de Budget vum Stat presentéieren, heescht un éischter Stell, sech mat der ekonomescher Situatioun vum Land auserneesetzen. Et heescht awer och, sech allgemeng Gedanken iwwert d'Problemer an d'Erausfuerderunge vun enger Gesellschaft ze maachen, déi an engem permanente Wiessel ass, an d'Äntwerten, déi d'Regierung, a virun allem mir, d'Chamber, dorop wëlle ginn, ze exposéieren.

Bei de Budgetsdebatten, esou wéi si hei zu Lëtzebuerg gefouert ginn, geet et awer och drëm, d'Politik vun der Regierung ze kontrolléieren an hir d'Vertrauen auszeschwätzen oder och net.

Fir de Rôle vun der Chamber an dësem Prozess ze stäerken, an doriwwer sinn ech och ganz zefridden, ware jo vun deenen eenzelne Kommissiounen, déi hir Beräicher jo vill méi am Detail kennen, Avien zu deenen eenzelnen Departementer formuléiert ginn. Dat war ouni Zweifel eng wäertvoll an nëtzlech Aarbecht, an ech wëll och hinnen alleguer am Numm vun der Finanz- a Budgetskommissioun merci soen.

Erlaabt mir och dorun ze erënneren, datt eis Kommissioun sech an net manner wéi 10 Sitzungen intensiv mam Budget 2001 befaasst huet. Ech wëll dofir och menge Kolleegen an dëser Kommissioun merci soen, fir hiren Intérêt dee si an dëse Sitzunge gewisen hunn.

Eng Feststellung an eng Suggestioun wëll ech awer an dësem Zesummenhank maachen: D'Chamber hëlt eréischt um Budgetsprozess Deel, wann de Budget schonn opgestallt ass. Änneruugen oder Amendementer gi kaum vun der Chamber gemaach. Dat ass scho bal eng Traditioun zu Lëtzebuerg. A verschiddene Länner ronderëm eis ass dat anescht. Do ass d'Parlament méi aktiv an d'Budgetsprozedur implizéiert. Et ass dofir meng perséinlech Meenung, datt mir eis mol solle Gedanke maachen iwwert de Rôle vun der Chamber an der Budgetsprozedur.

Ech wëll awer op dëser Plaz och besonnesch op déi verschidden Avie vum Conseil d'Etat a vun de Chambres professionnelles hiweisen. Si stellen ouni Zweifel eng Beräicherung vun der Diskussioun ëm de Statsbudget duer. Falsch wär et jiddefalls, déi Efforen ze minimiséieren. Mir hunn dëst Joer eng aner Diskussiounsformel unanimement an der Kommissioun ausgewielt.

Fir d'éischte Kéier ass de Rapporteur selwer am Optrag vun der Finanz- a Budgetskommissioun bei d'Chambres professionnelles gaangen, fir mat hinnen iwwert de Budget ze diskutéieren. Ech muss och soen, datt dës Formel bei alle Chambres professionnelles, mat Ausnahm vun enger eenzeger, e gudden Uklang fonnt huet. Dofir soll vun dëser Plaz och nach eemol alle Gespréichspartner merci gesot ginn, fir déi ganz konstruktiv Diskussiounen, déi ech mat hinnen hat.

Dëse Bericht, deen Iech jo haut am Numm vun der Finanz- a Budgetskommissioun presentéiert gëtt, ass mat Sécherheet minutiéis virbereet ginn. Et ass elo och de Moment, wou enger Rei vu Leit een éierlechen a grousse Merci soll ausgedréckt ginn, well ouni hir wäertvoll Mataarbecht dat dach voluminöst Dokument net hätt kënne realiséiert ginn. Ech denken hei un éischter Linn un d'Mataarbechter aus der DP-Fraktioun, an ech wëll hei besonnech op den enormen Asaz vum Fraktiounssekretär Dan Theisen hiweisen. Si alleguer zesummen hunn an de leschte Wochen a Méint enorm vill Aarbecht geleescht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, heiansdo huet een d'Gefill, wéi wa mir hei zu Lëtzebuerg geleeëntlech de Problem hätten, dat Wesentlecht vun deem Onwesentlechen ze trennen. Gëtt oft eng gewëssen Onzefriddenheet virdemonstréiert, oder hu mir tatsächlech Ursaach fir munches a Fro ze stellen? Feelt eis net awer geleeëntlech de Bléck iwwert d'Grenzen? Dat si Gedanken, déi engem komme

mussen, wann ee sech méi genau mam Budget vum Joer 2001 auserneesetzt.

Et ass e Budget, deen ouni Zweifel an nei Dimensiounen abrécht, ee Budget dee vun engem excellenten ekonomeschen Ëmfeld gekennzeechent ass. Ee Budget, deen awer och eng historesch Dimensioun huet, an zwar well et deen éischten ass, deen an Euro libelléiert ass. E wichtegt Symbol an de Bewäis, datt mir als Lëtzebuerg eis definitiv als e Kärstéck vun engem vereenten Europa etabléiert hunn.

Et ass awer och e Signal un d'Bierger an un d'Entreprisen, datt spéitstens den 1. Januar 2002 d'Eenheetswährung definitiv als Realitéit kann ugesi ginn. Den Traité vu Maastricht, deen den 1. November 1993 a Kraaft getrueden ass, huet jo d'Aféierung vum Euro virgesinn. D'Eenheetswährung ass ouni Zweifel ee grousse Succès fir Europa a fir Lëtzebuerg.

Trotz der momentaner Schwächt vun der gemeinsamer Währung no bausse sollte mir Vertrauen a si hunn, well si bitt elo schonn eng Rei vu Virdeeler. Fir d'Entreprisen, déi exportéieren an importéieren, ass de Risiko vum Changeverloscht op Geschäfter mat Länner ausserhalb der Eurozon limitéiert. Hei musse mir awer d'Leit nach méi sensibiliséieren, fir datt den Iwwergank vun eisem Frang op den Euro, dee jo an dräi Etappe virgesinn ass, sech ka gutt ofwéckelen.

All Budget ass natierlech op der Recettësäit konditionnéiert duerch déi wirtschaftlech Situatioun vum Land. Erlaabt mer dofir an enger éischter Phas den Ist-Zoustand vun eiser Ekonomie ze beliichten.

Ënner anerem den FMI, d'OECD, den Eurostat, d'BCL an de Statec gi jo regelméisseg op d'wirtschaftlech Situatioun vu Lëtzebuerg, vun Europa a vun der Welt an. Wat een aus all deenen Analysen awer ëmmer erëm erausliese kann, ass - a wie verwonnert et -, datt d'wirtschaftlech Situatioun zu Lëtzebuerg excellent ass. Mir hunn eis scho bal dru gewinnt, datt dat esou ass. Dobäi ass et awer mat Sécherheet keng Selbstverständlechkeet!

All Décisiounen, déi mir treffen, oder déi an eisen Nopeschlänner, an Europa, jo souguer an der ganzer Welt getraff ginn, hunn iergendwéi hiren Nidderschlag op eis Ekonomie. Lëtzebuerg ass, vläicht vill méi wéi aner Länner, ofhängeg vun Décisiounen, déi am Ausland getraff ginn.

Wa mir déi falsch Décisiounen hei am Land treffen, da kritt eis Ekonomie Problemer. Wann an Europa an an der Welt Décisioune geholl ginn, déi schlecht si fir eist Land, da kréie mir och Problemer.

Dofir ass et eminent wichteg, datt Lëtzebuerg gutt vertrueden ass am Ausland, an Europa an an der Welt. Eis Stëmm, dër een am Ausland, obwuel mir e klengt Land sinn, nolauschtert, ass enorm wichteg fir d'Zukunft vun eisem Land an eiser Ekonomie. Mir kënnen awer net just ëmmer nëmme verlaangen, ouni eppes ze ginn. Et geet hei ëm d'Crédibilitéit vu Lëtzebuerg bei sengen internationale Partner.

Dëst Bewosstsäin ass wichteg, wa mir eise Wuelstand hei am Land wëlle behalen. An dëse Wuelstand léisst sech liicht an e puer Zuelen illustréieren, déi awer och weisen, wéi gutt et eiser Ekonomie geet a wéi ofhängeg mir awer vum Ausland sinn:

D'OECD erwaart fir d'Joer 2001 ee Wuesstum vun 3,0% an der Eurozon a vu 6,2% zu Lëtzebuerg. Fir d'lafend Joer rechent de Statec hei zu Lëtzebuerg mat engem Wuesstum vum PIB vun 8,3%. Zënter 1985 an 1999 ass eis Ekonomie duerchschnëttlech ëm 5,5% gewuess. Dat ass ouni Zweifel déi beschte Performance an Europa.

Déi direkt auslännesch Investissementer sinn en immens wichtegt Element vun eiser nationaler Ekonomie. 1998 goufen esou zum Beispill 16,85 Milliarden Euro, also ee Montant méi grouss wéi eise PIB, hei zu Lëtzebuerg vun auslännesche Sociétéiten investéiert. De Wuesstum vun eiser Ekonomie gëtt zum gréissten Deel vum Finanzsecteur beaflosst. Dernieft sinn et awer och d'Secteure vum Transport an de Kommunikatiounen, déi eng bedeitend Roll spillen. Aner Secteure wéi dee vun der Konstruktioun, der Hôtellerie an dem Immobilier, hunn och eng gewësse Croissance ze verzeechnen.

Dës positiv wirtschaftlech Entwécklung erkläert och ënner anerem de permanente Réckgang vum Chômage, deen Enn Oktober bei 2,6% loung. Eist Land ass de Moment an enger Phas, wou souvill Aarbechtsplaze wéi nach ni virdru geschafe ginn. Den Emploi total intérieur ass an denen éischte 7 Méint vum Joer ëm 5,5% an d'Luucht gaangen an den Emploi salarié erreecht souguer eng Progressioun vu 5,8%. Vun 100 netto neigeschafenen Aarbechtsplazen hunn d'Net-Résidents der 64 besat. De Moment kommen all Dag 89.000 Leit aus den Nopeschlänner hei op Lëtzebuerg schaffen. Viru Jore waren et der vill manner. Eise wirtschaftlechen Erfolleg wierkt also wéi e Magnéit.

D'Analys vun der ekonomescher Situatioun wier awer net komplett, wann ee sech keng Gedanken iwwer d'Entwécklung vun der Inflatioun géing maachen. Et muss ee feststellen, datt leider d'Inflatioun och hei zu Lëtzebuerg sech nees bemierkbar mécht. Am Mount Oktober ass den Taux vun dem IPCN, also dem Indice des prix à la consommation nationale, op 3,45% geklommen. Allerdéngs ass d'Finanz- a Budgetskommissioun der Meenung, datt dës Entwécklung nach net préoccupant ass. Mä mir däerfen dës Tendenz awer och net aus den Ae verléieren.

D'Inflatioun ass hei zu Lëtzebuerg natierlech un éischter Linn ofhängeg vun zwee Facteuren, op déi mir als oppen Ekonomie wéineg Awierkungsméiglechkeeten hunn: Éischtens de Präis vum Pëtrol um inter-

nationale Maart an zweetens de Cours vum amerikaneschen Dollar par rapport zum Euro.

De Statec rechent fir d'Joer 2001 mat engem duerchschnëttlechen Inflatiounstaux vun 2,1%. Sécher musse mir de Phenomeen vum Auto-allumage évitéieren. Et gëtt Stëmmen, déi mengen, déi automatesch Upassung vun de Gehälter an d'Steierreform kéinten inflatiounsdreiwend sinn. D'Finanz- a Budgetskommissioun ass awer der Meenung, datt d'Erfale vun dräi Indextranchen tëschent 1999 an 2001 - ouni wëllen de Prinzip vun der Tarifautonomie hei a Fro ze stellen - misst eng gewësse Pressioun op d'Gehälterverhandlungen ophiewen, soudatt den Auto-allumage an de Limitte bleift.

Donieft missten den héijen öffentlechen Investitiounsniveau an déi steigend Offer vun Aarbechtsplazen d'Inflatiounsgeforen a Grenzen halen. Op dëser Plaz soll iwwregens och un eng rezent Etüd vum CRP Gabriel Lippmann erënnert ginn, déi zur Konklusioun kënnt, datt eng Augmentatioun vun de Salairen ëm 5% nëmmen en Impakt vun 0,02% op d'Inflatioun hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir, e puer Reflexiounen iwwert déi eigentlech Budgetspolitik ze maachen. Si ass virun allem duerch dräi Punkte gekennzeechent:

Si ass éischtens konditionéiert duerch d'Konvergenzkritäre vu Maastricht. Zënter 1993 erfëllt hei Lëtzebuerg voll seng Aufgab, sou wéi dat am Artikel 104 C virgesinn ass. Och fir d'Joer 2001 ass eise Budget am Equiliber an eis öffentlech Schold läit bei 5,6% vum PIB, also nach wäit ewech vun deenen erlaabte 60%. D'Statsschold beleeft sech op 696,58 Milliounen Euro, dat sinn 3,56% vum PIB. Begréissenswäert ass et, datt d'Regierung décidéiert huet, d'Statsschold bis d'Joer 2007 op Null erofzesetzen.

De Stabilitéits- a Wuesstumspakt hält Regele fest, déi déi 11 Staten aus der Eurozon respektéiere mussen, fir am Aklang mam Artikel 109 J vum Traité de Maastricht ze sinn. Et kann een also behaapten, datt déi national Budgetspolitiken net méi exklusiv d'Kompetenz vun deenen eenzelne Memberstate sinn. De Lëtzebuerger Stabilitéitsprogramm, deen iwwregens ouni Reserven um europäeschen Niveau ugeholl gi war, schreift sech an dat neit europäescht Ëmfeld an, wat d'Koordinatioun vun de politeschen Ekonomien ubelaangt. Folgend Haaptkritäre sinn do bei der staatlecher Finanzpolitik ze respektéieren:

- D'Finanzkapassitéit vum öffentleche Secteur muss excédentaire bleiwen.

- De Solde budgétaire vun der Administration centrale muss am Gläichgewiicht sinn.

- De Wuesstum vun de lafenden Ausgabe muss ënnert dem Wuesstum vun dem Gesamtbudget bleiwen.

Als zweete Punkt, deen d'Budgetspolitik beaflosst, muss een op d'„Grandes orientations des politiques économiques", ofgekierzt GOPE, hiweisen, wou all Joer am Kader vun der makro-ekonomescher Koordinatioun Verhalensregelen um communautairen Niveau definéiert ginn.

Drëttens ass d'Budgetspolitik natierlech och konditionéiert duerch de Koalitiounsaccord. Sou huet sech dës Regierung ënner anerem derzou verflicht, datt d'Progressioun vun den Ausgaben à moyen terme net d'Limitte vum Wirtschaftswuesstum dépasséiert. Och sollen eventuell Iwwerschëss virrangeg an Investitiounsfongen affektéiert ginn an d'Statsschold soll geréng bleiwen.

Zënter Joren ass op dëser Plaz ëmmer iwwert d'Véridicitéit vum Budget diskutéiert ginn. Et ass jo zu Recht oder zu Onrecht behaapt ginn, d'Regierung géing bewosst d'Recettë sous-estiméieren, an dat mam bekannte Szenario. An all deene Jore sinn du regelméisseg héich Plus-valuen entstanen, déi dann op Grond vun enger Décisioun duerch d'Regierung affektéiert goufen.

Mä bei dësem Budget ginn nei Weeër ageschloen. D'Regierung huet sech bei der Estimatioun vun de Recetten an den Dépensë vun dem sougenannte favorabele Szenario vun hirem aktualiséierte Programme de stabilité 2000-2003 guidéiere gelooss. Deementspriechend tabléieren d'Recetten an d'Dépensë fir d'Joer 2001 op engem Wuesstum vum PIB réel vu 6%. Recetten an Héicht vu 5,429 Milliarden Euro stinn Dépensen an Héicht vun 5,425 Milliarden Euro entgéint.

99,38% vun de Gesamtrecettë sinn iwwregens Recettes courantes. De Budget 2001 ass also am Gläichgewiicht a weist nach ee liichten Excédent vu 4,39 Milliounen Euro op. An dat ouni en neien Emprunt ze contractéieren. Hei spigelt sech also ouni Zweifel eng virsiichteg Finanzpolitik erëm, déi op d'Zoustëmmung vun der Finanz- a Budgetskommissioun stéisst. Allgemeng ka festgehale ginn, datt déi finanziell Situatioun vun eisem Land ganz gesond ass.

Et kann ee vum Budgetsprojet 2001 insgesamt behaapten, datt en den Orientatiounen, sou wéi se vum europäesche Conseil fir Budgetspreparatiounen 2001 festgehale goufen, Rechnung dréit.

Dëse Budget ass natierlech och gekennzeechent duerch d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat. Déi geleefeg Terme vu Recettes an Dépenses ordinaires respektiv extraordinaires si jo ersat ginn duerch Recettes an Dépenses courantes respektiv en capital.

Den Artikel 6 vun dësem Gesetz gesäit dann och vir, datt Annexë musse beim Budgetsprojet bäigeluegt ginn, déi verschidden Erklärunge ginn, sou ënner anerem iwwert d'Spezialfongen an d'Reserven. Or,

grad an dësem Punkt muss ee festellen, datt d'Explikatiounen iwwer d'Situatioune vun de Fongen an de Reserve vum Stat am Budgetsdokument net komplett sinn. D'Chambre de Travail dréckt sech an hirem Avis méi däitlech aus: „La Chambre de Travail proteste contre l'absence de chiffres relatifs à la réserve de l'Etat dans le projet de budget pour l'exercice 2001".

Dofir soll d'Regierung och opgefuerdert ginn, am Sënn vu méi enger grousser Transparenz, spéitstens beim nächste Budgetsprojet eng genau Situatioun vun alle Spezialfongen, och vun deene klengsten, virzegesinn. Als Beispill soll hei de Fonds communal de péréquation conjoncturale genannt ginn, deen - ouni iergendengem Gemengepolitiker heibannen ze no ze trieden - dach deem engen oder anere vun hinnen iwwerhaapt emol net dierft bekannt sinn. Eréischt duerch eng parlamentaresch Ufro ass matgedelt ginn, datt dëse Fong ëmmerhi mat 1,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang dotéiert ass an datt déi lescht 5 Joer dëse Fong kee Mouvement méi kannt huet. Et wier also wënscheswäert, wann deen nächste Budget eng genee Oplëschtung vun alle Fongen, och deene klengsten, wéi gesot, géing enthalen.

Wat d'Presentatioun vum Budgetsdokument u sech ugeet, muss ech awer hei nach ervirhiewen, datt zevill Artikelen am Budget net kloer libelléiert sinn an et geleeëntlech un Erklärunge feelt. Beschreiwunge wéi Indemnités pour services extraordinaires oder Dépenses diverses sinn, a mengen Aen, zevill vague. Et wier munchmol ubruecht, wann een d'Artikele wa méiglech méi prezis erkläre kéint. Och bei de Subsiden, déi de Stat vergëtt, fënnt ee kaum aus dem Budget eraus, wien dann elo d'Bénéficiairë vun dëse Subside sinn. Hei wier ze iwwerleeën, ob een doriwwer net an Zukunft soll méi genee Opschloss ginn.

Enn Oktober huet den Avoir net vum Stat 1,98 Milliarden Euro bedroen. Zu Recht gëtt sech oft d'Fro gestallt ob de Rendement vun dësem Kapital net kéint verbessert ginn. Den Artikel 93 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat mécht et jo méiglech, méi laang Placementer ze maachen. Et ass ze begréissen, datt d'Regierung elo wëlles huet, en Deel vun dësem Avoir méi rentabel unzeleeën. An ech ginn och dovun aus, datt den Här Budgetsminister eis do muer wäert méi genee Explikatioune ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-DP-Regierung huet de Mérite, datt se am Budgetsprojet 2001, wéi schonns gesot, eng méi realistesch Aschätzung vun de Recettë virgeholl huet. D'Progressioun vun de Recettë fir den Exercice 2001 par rapport zum vergaangenen Exercice gëtt op 12,76% geschat, dat obwuel déi geplangte Steiererliichterunge jo eng Moins-value vu ronn 247,9 Milliounen Euro fir d'Besteierungsjoer 2001 ausmaachen. Ouni dës bedeitend steierlech Moossname wieren d'Recettë souguer ëm 16,8% geklommen.

Dës Virgoensweis, déi méi Transparenz an d'Budgetspolitik bréngt, gëtt iwwregens vun alle Beruffschambere begréisst. Als Beispill soll d'Chambre des Métiers genannt ginn, déi festhält: „La Chambre des Métiers apprécie que le Gouvernement, à la lumière des excédents des recettes des deux exercices précédents et d'une situation économique favorable, a estimé pouvoir inscrire au projet de budget pour 2001 et par conséquent au budget voté 2001 une hausse des recettes plus importante que par le passé."

Et huet an de leschte Joren zur Regel gehéiert, datt an all Exercice budgétaire Milliarde Lëtzebuerger Frang u Plus-valuen ugefall sinn. Och am Exercice 2000 wäerten eng Rei vu Plus-valuen ufalen, wann een d'Recetten, déi d'Steierverwaltung bis an dat drëtt Trimester enregistréiert huet, analyséiert. Op där anerer Säit, getrei der Regierungserklärung vum 12. August 1999, muss een ënnersträichen, datt d'Affektatioun vun de Plus-valuen elo iwwer e Gesetzesprojet décidéiert gëtt. Am Kloertext: d'Chamber ass souverän, fir iwwert d'Plus-valuen ze entscheeden. Et ass dat ouni Zweifel ee wichtege Schrëtt a bréngt méi Transparenz an d'Gestioun vun de staatleche Gelder.

Em 11,55% steige jo d'Dépensë vum Stat. Dës Progressioun explizéiert sech virun allem duerch eng héich Investitiounspolitik. Dat ass och richteg esou. Ronn 10,8% vun allen Ausgabe sinn am Budget 2001 fir Investissementsprojete virgesinn. Dat entsprécht 2,9% vum PIB. Am Verglach mam Exercice 2000 ginn eng Rei vu Fonge bedeitend erhéicht, zum Beispill de Fong fir d'Kooperatioun an d'Entwécklung, de Fong fir sanitär a sozial Investissementer oder virun allem de Stroossefong.

Alles an allem kënne mir feststellen, datt déi finanziell Situatioun vum Stat et erlaabt, eng héich Investitiounskapassitéit ze garantéieren. Munchmol huet een awer d'Gefill, wéi wann dat als e Luxus géing ugesi ginn. Mir wëssen awer, datt de wirtschaftleche Wuesstum net nëmme Recetten, mä och Dépensë généréiert. Dofir ass et wichteg, datt eis Investitiounskapassitéit sou grouss ass, fir datt mir iwwerhaapt à même sinn, fir d'Konsequenze vum Wuesstum um Niveau vun den Infrastrukturen wéi zum Beispill Schoulen, sozial Ariichtungen, Stroossen, öffentlechen Transport a sou weider ze meeschteren.

Ee groussen Deel vun eisen Dépensë sinn natierlech duerch gesetzlech Dispositioune festgeschriwwen. Ronn 2/3 vun hinne sinn direkt un den Index gebonnen. Dat mécht d'Marge de manuvre fir Investissementer relativ kleng a verstäerkt d'Rigiditéit vum Budget. Effore mussen also nach gemeet ginn, fir eng besser Gestioun vun den öffentleche Gelder ze erreechen. Eischt positiv Initiativë sinn ze erkennen, wéi d'Erhéijung vun der Performance vum Statsapparat

duerch déi nei Technologien oder duerch eng Etüd iwwert de konventionéierte Secteur.

D'staatlech Verwaltunge mussen effizient schaffen, fir e gudde Service um Bierger ze leeschten a fir natierlech d'Dépensësäit vum Budget am Grëff ze halen.

D'Chambre des Employés privés huet an hirem Avis d'Iddi vum „zero base budgeting" formuléiert, eng Iddi, déi op den éischte Bléck interessant kléngt, mä déi, wéi ech mengen, schwéier beim Stat duerchzefëieren ass.

Éischter soll een a Richtung vun enger Réforme administrative permanente denken, wou mir als Chamber eis am Virfeld vum Vote vun engem Gesetz bei de Ministere vergewëssere sollen, ob déi betraffe Verwaltungen iwwerhaapt à même sinn „en hommes et en moyens", déi nei gesetzlech Dispositiounen ze exekutéieren. Mir hu jo rezent de System vun de Fiches d'impact financières agefouert. Ech sinn der Meenung, datt een en ähnleche System soll an d'A faassen, fir ze iwwerpréiwen ob d'Verwaltungen déi nei Aufgaben erfëlle kënnen, ier mir eis duerno bekloen, datt et hei an do net schnell genuch geet.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären. Wat sinn dann elo d'Haaptakzenter vum Budget 2001? Eng genee Lecture vun dësem Dokument erlaabt et, eng Rei vu wichtegen Neiorientéierungen, déi der moderner Entwécklung vun eisem Land ugepasst sinn, ze detektéieren.

Natierlech stiechen als éischt déi fiskalesch Moossnamen ervir. Duerch eng Adaptatioun vum Steiertarif gëtt eis Steierlandschaft zu engem groussen Deel verännert. An enger moderner Ekonomie soll de Stat d'Bierger an d'Entreprisë fiskalesch net iwwerbelaaschten. Hie muss dorfir suergen, datt duerch eng gesond Steierpolitik genuch Fräiraim entstinn, déi d'Leeschtung förderen, déi de Motor vum Wirtschaftswuesstum ass.

Ee fundamentalen Aspekt däerf een net an dësem Kontext aus den Ae verléieren: Et ass de Privatsecteur, deen de groussen Deel vun eisem Räichtum schaaft. Et ass de Privatsecteur, dee ganz bedeitend zum annuelle Wuesstum vum PIB bäidréit. D'Emprise vum Stat op de Privatsecteur muss sech also op e Minimum limitéieren. Et ass d'Missioun vum Stat, fir dat ekonomescht a virun allem steierlecht Ëmfeld vun eisen Entreprisen esou ze gestalten, datt e gesonde wirtschaftleche Wuesstum garantéiert ass. Dofir sinn ech frou festzestellen, datt niewent der Steierreform fir déi physesch Persounen, déi an zwou Etappe realiséiert gëtt, och eng Reform fir d'Kollektivitéiten am Joer 2002 virgesinn ass. Wat d'physesch Persounen ubelaangt, sou begréisst d'Finanz- a Budgetskommissioun dës Décisiounen a si félicitéiert d'Regierung, well d'Reform ëm ee Joer avancéiert ginn ass. Et ass richteg, schonns zu dësem Zäitpunkt d'Bierger um wirtschaftleche Succès deelhuelen ze loossen.

Erlaabt mir awer e puer Remarken zur Steierreform ze maachen. D'Zuel vun de Leit, déi keng Steiere méi bezuelen, gëtt duerch dës tarifaire Änderunge méi grouss. A verschiddene Milieuë gëtt dofir de Ruff no enger Negativsteier ëmmer méi haart.

D'Chambre des Employés privés huet de Mérite, dës Diskussioun nei lancéiert ze hunn. Eng Negativsteier kann allerdéngs net en zousätzlecht Ëmverdeelungsinstrument sinn, mä fir d'éischt muss ee versichen déi bestehend Ëmverdeelungssystemer méi effikass ze maachen. Och däerf an dësem Kontext net ignoréiert ginn, datt wann ëmmer manner Leit Steiere bezuelen, dat d'Resultat vun enger ëmmer verbesserter ekonomescher Situatioun ass, wou de Stat trotzdem déi néideg allgemeng Investitiounen am Intérêt vu jidderengem, also och den Net-Steierzueler, ka maachen.

D'Iddi vun der Negativsteier soll awer trotzdeem iwwerduecht ginn, sou wéi een iwwregens och Reflexiounen iwwert d'Besteierung vun de Familljen an den neie Forme vun Zesummeliewe soll maachen.

Dofir proposéieren ech datt e Projet de recherche den Impakt vun dëse Virschléi op eis Steierlandschaft kënnt moossen. Wa mir schonns bei der Ëmverdeelung sinn, muss ee sech Gedanken iwwert déi steigend Fiskalitéit vun der Sozialpolitik maachen. An deem Kontext wier et wichteg, wa mir definitiv Resultater iwwert d'Etüd vun den Transferts sociaux kréichen, aus deenen da Konklusioune gezu kënnte ginn, wéi een eng méi gerecht Equitéit an der Redistributioun vun den Akommes duerch déi verschidden Allocatioune kënnt erreechen.

D'Steierreform wäert och e positiven Impakt op d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie hunn, wat awer kengesfalls de Prinzip vun der nohalteger Entwécklung ausschléisst, wa mir de politesche Wëllen hunn, eis Ekonomie, souwäit et geet, a Richtung qualitative Wuesstum ze orientéieren. Ech komme selbstverständlech op dëse Punkt nach zréck.

Duerch d'Erofsetze vum Héchtsteiersaz vu 46 op 42% an am Joer 2002 op 38%, gëtt Lëtzebuerg méi attraktiv fir auslännesch Spezialisten a fir héich qualifizéiert Main-d'œuvre, déi iwwregens a verschiddene Secteuren, wéi besonnesch am Finanzsecteur, dréngend verlaangt ginn.

D'Finanz- a Budgetskommissioun ralliéiert sech an dësem Kontext och un d'Ausso vum Conseil d'Etat, deen a séngem Avis festgehalen hat: „Cette réforme tarifaire constitue un soutien au potentiel économique du pays et dans la continuité de sa croissance, tout en préservant à l'Etat une marge de manuvre suffisante pour satisfaire à ses tâches".

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här Graas, Dir musst heiansdo soen, „an hirer Majoritéit huet d'Finanz- a Budgetskommissioun dat do festgehalen".

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur*.- Ech huele mer dat dann zu Häerz, Här Krecké.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wa mir wëllen eng héich Qualitéitsekonomie weider opbauen, a wa mir de Spronk an d'Wëssensgesellschaft wëlle meeschteren, a wa mir wëllen a Richtung qualitative Wuesstum goen, - an dat wëlle mir all - da spillt eis Educatioun eng ganz grouss Roll. Si ass d'Schlëssselelement fir d'Zukunft vun eiser Ekonomie. An erlaabt mir, datt ech mech e bësse méi laang bei der Educatioun ophalen.

All Acteuren, de Ministère, d'Enseignanten, d'Elteren, d'Entreprisen an d'Schüler mussen zesumme wierken, fir en oppene Geescht ze schafen, deen eis modern Ekonomie brauch an deen net zulescht eiser ganzer Gesellschaft an der Bewältegung vun hire ville Problemer zegutt kënnt.

Ronn 558,1 Millionen Euro stinn am Budget 2001 ënnert dem Educatiounsministère. Dat si 7,95% méi wéi am Exercice 2000. En däitlecht Zeechen, datt de Wëllen do ass, fir eng nei Dynamik an eis Schoulen ze bréngen. Mä Suen eleng ginn net duer. Eis Educatioun muss sech nees op hir elementar Missioune konzentréieren, dat heescht, op d'Vermëttlung vu fundamentale Kenntnisser, fir bei de Schüler d'Loscht op d'Leeschtung ze stimuléieren. Doduerch solle si d'Iwwerzeegung kréien, datt d'Réussite an der Schoul de Wee fir e méi fräit a verantwortungsvollt Liewen opmécht. An deem Sënn ginn zum Beispill d'Subsidie fir gutt Leeschtungen am Post-primaire ëm bal 93% an d'Luucht an erreechen elo 1,1 Millioun Euro.

D'Aféierung vun der Education précoce huet sech bewäert an haut bidden 41 Gemengen dës Form vun Enseignement un. Ze begréissen ass dofir, datt de Ministère den Encadrement vun dëse Kanner verstäerke wëllt. D'Participatioun vum Stat un de Käschte fir d'Personal, wat den Titulairen hëlleft, geet vun 1,48 Millioun Euro op 2,23 Milliounen Euro erop. Dat entsprécht enger prozentualer Steigerung vu bal 50%. D'Philosophie vum Précoce ass fir d'Kanner ze léieren an der Gemeinschaft ze liewen a sech géigesäiteg ze respektéieren. Virun allem bitt en awer den auslännesche Kanner d'Méiglechkeet, fréizäiteg eis Sprooch ze léieren, d'Sprooch, déi d'Kanner vu verschiddene Kulture vereenege muss. Dat erlaabt hinnen, sech spéider méi liicht um soziale Liewen ze bedeelegen an d'Mentalitéit vun deem Land kennen ze léieren, an deem se liewen. Et soll op dëser Plaz awer och ënnerstrach ginn, datt d'Fréquentatioun vun der Education précoce nëmmen op fakultativer Basis geschéien däerf.

D'Finanz- a Budgetskommissioun stellt an hirer Majoritéit, Här Krecké, mat Zefriddenheet fest, datt déi Responsabel aus dem Educatiounsministère, zesumme mat alle Schoulpartner, eng Serie vu pedagogesche Mesuren an d'Wee leede wëllen, fir géint den Echec scolaire unzekämpfen, wou virun allem déi allophon Kanner d'Affer sinn. Projete wéi eng franséisch Alphabetisatioun oder de Cycle d'apprentissage kënnen nei Pisten opzeechnen. Am Ganzen ass fir dës Moossnamen 1,55 Millioun Euro virgesinn.

D'Finalitéit vun enger franséischer Alphabetisatioun ass fir eng zousätzlech sozial a schoulesch Integratioun ze garantéieren. Hei soll keng Separatioun geschéien, mä villméi geet ët drëm fir den auslännesche Kanner d'Chance ze ginn, hire Sproocheretard vis-à-vis vun de Lëtzebuerger Kanner gutt ze maachen. An enger zweeter Phas ginn déi Kanner dann an déi aner Klassen integréiert. E Groupe de pilotage huet d'Missioun, een éischte Pilotprojet fir d'Rentrée 2001/2002 virzebereeden.

Duerch d'Aféierung vum Cycle d'apprentissage am ënneschte Grad vum Primärunterrecht kann d'Scolarisatioun vun de Kanner méi flexibel strukturéiert ginn. Et ass eng aner pedagogesch Mesure fir de Schoulerfolleg ze verbesseren, andeems de Kanner déi néideg Zäit offréiert gëtt, fir datt se hir Basiskenntnisser kënnen uneegnen. Dat heescht, datt déi Kanner déi éischt zwee Joer an dräi Joer maache kënnen. Selbstverständlech verlaangt d'Aféierung vun esou enger Moossnam d'Kollaboratioun tëschent den Elteren an dem Léierpersonal. Et soll dat keng Onéier si fir déi betraffe Kanner, mä villméi eng zousätzlech Chance fir mat Succès hir Schoulcarrière ofzeschléissen.

Eng weider wichteg Neierung fir den Echec an eise Schoulen ze bekämpfen ass d'Aféierung vun neie Bewäertungsmethoden. Niewent der normativer Evaluatioun vun de Schüler soll och eng formativ Bewäertung kommen, dat heescht, d'Enseignantë ginn zousätzlech prezis Kommentären iwwert d'Entwécklung vun de Schüler an hire Wëssensstand of.

De peri- a paraschouleschen Encadrement spillt eng ëmmer méi grouss Roll. Allerdéngs därfe mir d'Schoul net zu engem kompletten Erzéiungs- a Fräizäitheem ausbauen. D'Eegeresponsabilitéit, besonnesch déi vun den Elteren, därf net verluer goen. Jidderee muss verstäerkt seng Verantwortung iwwerhuelen. D'Iddi fir eng sougenannte Charte scolaire ze ënnerschreiwen, wou d'Rechter, d'Attributiounen an d'Flichte festgehale ginn, soll zréckbehale ginn, well esou all Partner sech senger Missioun kloer bewosst wier.

Et ass och ze begréissen, datt de Familljeministère d'Fräe fir déi paraschoulesch Aktivitéiten à charge hëlt. Ëmmerhi gëtt de betreffende Kredit op 2 Milliounen Euro gesat, dat heescht eng Progressioun vu 35%.

Eng vun de wichtegsten Aufgaben, déi sech an eisem Schoulsystem allerdéngs stellt, ass déi verstäerkten Notzung vun de moderne Kommunikatiounsmëttel. Déi jonk Leit beweege sech haut op eng onkonventionell Manéier am Universum vun de Medien. Et muss also eng Symbios tëschent der Erzéiung zu de Medien an enger Erzéiung duerch d'Medie gemaach ginn. An dësem Prozess fält och de Gemengen eng wichteg Missioun zou. Si mussen dofir suergen, datt d'Primärschoule mat adequatem Material équipéiert ginn. Am postprimären Unterrecht soll à moyen terme d'Zuel vun de Schüler pro Computer vun 11 op 8 erofgesat ginn.

Aner wichteg Reformen an Initiativen, wéi d'Aféierung vun enger zweeter Sessioun am Premières- oder Treizièmesexamen, d'Ëmännerunge vum ieweschten Zyklus am klasseschen Unterrecht, d'Modifikatioun vum Schoulgesetz vun 1912 oder vum Gesetz vun 1946 iwwert den Apprentissage, sowéi eng méi enk Kollaboratioun mat den Entreprisë si virgesinn.

Ee vun den Haaptproblemer vun eiser Educatioun ass natierlech den Defizit un Infrastrukturen. Sécher ass an deene leschte Joren d'Entwécklung vun der Schülerzuel net ganz richteg ageschätzt ginn, sou datt haut Lycéeë feelen. D'Regierung ass sech dëser Problematik bewosst an huet schonn eng Rei vun Initiativë geholl fir d'Situatioun ze verbesseren. Well mat engem Zouwuess vu 7.000 bis 11.000 Elèven ze rechnen ass, sollen am Kader vum Plan sectoriel Lycées bis zum Joer 2010 3 bis 6 zousätzlech Lycéeë gebaut ginn. Och soll en zentrale Fichier geschafe ginn, fir d'Evolutioun vun de Schülerzuele besser aschätzen ze kënnen. 4,8 Milliounen Euro stinn am Budget, fir insgesamt den Informatiksystem am Ministère ze verbesseren.

Vill beklot gëtt sech oft iwwert déi feelend qualifizéiert Léierpersounen, déi souwuel am Primaire, wéi och am Post-primaire festzestelle sinn. Fir d'Schouljoer 2000/2001 sinn 115 nei Schoulmeeschterposten an 23 nei Educateursposte geschafe ginn. Am Postprimaire gesäit de Rekrutementsprogramm 160 nei Poste vir. Allerdéngs ass sech d'Finanz- a Budgetskommissioun bewosst, datt domadder d'Penurie vum Léierpersonal net behuewen ass. Si schléit doweinst e breeden Débat iwwer eventuell nei Kritäre fir ze rekrutéiere vir, dat virun allem am Secondaire technique, well do déi gréisste Schwieregkeete bestinn. Fir de Problem mat den Iwwerstonnen ze verbesseren, misst een iwwert de System vum Compte-épargne nodenken. Dës Mesure kënnt d'Motivatioun bei eenzelnen Enseignantë stimuléieren.

E groussen Akzent gëtt och op d'Formatioun vun den Erwuessenen an der Formation professionnelle continue geluegt. De betreffende Kredit fir d'Erwuessenebildung geet vun 3,89 Milliounen Euro op 4,75 Milliounen erop, also eng prozentual Steigerung vun 22,19%. Virun allem muss een awer déi enorm Augmentatioun vun de Kreditter fir d'Formation professionnelle continue ervirhiewen, déi d'nächst Joer 5 Milliounen Euro ausmaachen. Et ass evident, datt eng zolidd Formatioun vun den Employéen an Aarbechter d'Basis vun enger Entreprise ass, déi kompetitiv wëllt sinn.

Nieft dem traditionellen Héichschoulunterrecht däerfe mir eng nei Tendenz, nämlech déi vu virtuellen Universitéiten, net ënnerschätzen. Am Kader vun enger rapider Mondialisatioun kann dës nei Konkurrenz eng Chance fir Lëtzebuerg bedeiten. Sou wéi et am Wäissbuch iwwert den Héichschoulunterrecht ausgedréckt ass, huet Lëtzebuerg all Intérêt, op dësem neie Marché net absent ze sinn. Op europäeschem Plang sinn d'Preparatiounsaarbechte fir de Projet EuroUni ugelaf, mam Zil, eng virtuell Universitéit mat Sëtz hei zu Lëtzebuerg ze kreéieren. Et ass eng Erausfuerderung, déi mir unhuele mussen! Déi geplangte Cité des Sciences op Belval/West kéint e Generator fir Wëssen an Technologie ginn. Mir mussen an d'Wëssen investéieren, e wichtegt Kapital vun eiser Zukunft.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir erliewen de Moment ouni Zweifel eng nei Revolutioun, déi fundamental Changementer an eise Liewensgewunnechte mat sech bréngt. Déi rasant Entwécklung vun deenen neie Kommunikatiounstechnologien huet eng aner Ära agelaut. Si erlaben et, méi ze produzéieren, mat manner Aarbechtsstonnen. Si erlaben eng méi grouss Kreativitéit, woubäi besonnesch den Internet den Échange vun Iddien erhéije kann.

Den Ecofin-Conseil vum leschten Abrëll huet den Ustouss fir en nationalen Aktiounsplang ginn. Méi wéi symbolesch ass de Kredit vun 3,7 Milliounen Euro, fir dësen ambitiéise Plang E-Lëtzebuerg ëmzesetzen. Ënnert der Regie vum Kommunikatiounsminister gi Strategien entwéckelt, fir datt Lëtzebuerg am Beräich vun den neien Technologien eng Spëtzeplaz anhuele kann. Gläichzäiteg gëtt awer och de Statsapparat mat Hëllef vun deenen neie Kommunikatiounsmëttele méi performant, also och méi biergerno gemaach.

Am Ganzen investéiere mir 43,9 Milliounen Euro an de Projet E-Lëtzebuerg. Dat ass eng Progressioun vun 12% par rapport zum Exercice 2000. Mir mussen aus Lëtzebuerg en attraktive Pôle fir déi nei Beruffer aus der Informatiouns- a Kommunikatiounsbranche maachen. Eist Land soll verstäerkt de Profil vun engem modernen a progressive Stat kréien. D'Lëtzebuerger sollen nach méi surfen, si sollen nach méi Interesse fir dës nei Technologië weisen. Ech proposéieren dofir, all Joer en nationalen Dag vum Internet ze organiséieren, un deem all d'interesséiert Milieuen deelhuele sollen. An dësem Kontext däerfe mir awer och den drëtten Alter net vergiessen. Eis eeler Leit sollen an dee Prozess mat ageschloss ginn!

Eist Land offréiert e gënschtegen Terrain fir d'Entwécklung vum Commerce électronique, deen

ouni Zweifel e bedeitenden Impakt op d'Ekonomie weltwäit dierft hunn. Hien erlaabt eisen Entreprisen, hir Aktivitéiten ze internationaliséieren. Eng wichteg Missioun an deem ganze Prozess fält der nationaler Kommissioun fir d'Wëssensgesellschaft zou, déi duerch e Beschloss vum Regierungsrot de leschten 30. Juni gegrënnt gouf.

Mat Zefriddenheet kann d'Finanz- a Budgetskommissioun och feststellen, datt d'Regierung sech engagéiert huet, de Wee vun den elektronesche Formulairen an Deklaratiounen anzeschloen. An der ganzer Matière ass et awer wichteg, datt mir eis Législatioun permanent upassen. D'Gesetz iwwert de Commerce électronique vum 14. Juli 2000 huet do ouni Zweifel schonn déi néideg Jalone gesat.

Den Zenith vun der ganzer Entwécklung ass awer nach net erreecht! Sécher: D'Wëssensgesellschaft bitt nei Expressiouns- a Kommunikatiounsméiglechkeeten. Si mécht eis méi fräi. Mä mir sollen awer och vigilant si vis-à-vis vun dëser rasanter Veränerung. Mir mussen et fäerdeg bréngen, tëscht den Avantagen an de sozialen an ethesche Risike vun dëser Technologie ofweien ze kënnen. Dës ganz Entwécklung däerf allerdéngs net zu enger Société à deux vitesses féieren. Dofir musse wéi gesot eis Schoulen eng Virreiderroll spillen, wou jiddereen, ob aarm oder räich, déiselwecht Ausbildungsméiglechkeete muss gebuede kréien.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.-* Déi sougenannt „nei Ekonomie" riskéiert natierlech och, nieft de Gewënner eng Rei Verléierer ze produzéieren. Déi net Qualifizéiert vun haut sinn d'Perdantë vu mar. Dofir ass et noutwendeg, datt mir eis Effore fir eng gutt Educatioun verstäerken an och d'Educatioun un déi nei Aspekter vun der Ekonomie upassen.

Fir de Profil vun engem modernen a progressive Stat nach ze schäerfen, gëtt et en Domaine, wou mir zousätzlech Effore maache mussen. Et ass dat d'Recherche an d'Entwécklung. Eng wichteg Roll fällt an dësem Prozess der öffentlecher Recherche zou, déi positiv Effeten op déi industriell Diversificatioun kann hunn. D'Finanz- a Budgetskommissioun stellt dofir mat Satisfactioun fest, datt de globale Kredit fir d'Recherche ëm 68% an d'Luucht geet an elo 21,6 Milliounen Euro ausmécht. Dat ass 0,1% vum PIB. Bis d'Joer 2004 soll dësen Undeel op 0,3% vum PIB erop klammen.

Als gelongent Beispill muss een an dësem Kontext den Technoport Schlassgoart ervirsträichen. Duerch dëse Projet dréckt sech de Wëllen aus, eng Innovatiounsstrategie mat regionalem Charakter ze promouvéieren. D'Synergie tëscht Industrie, Recherche an Entwécklung, Formation professionnelle a Schafe vun Entreprisë bréngt mat sech, datt den Technoport sech laangfristeg an den ekonomeschen a sozialen Tissu vum Bassin minier integréiert. De Fonds national de la Recherche kann eng Symbios tëscht Recherche an Entwécklung an der Ekonomie optimiséieren. An dësem Kontext soll d'Chambre de Commerce aus hirem Plan quinquennal vum 5. Mee 2000 zitéiert ginn:

„Elle se montre satisfaite du fait que le secteur privé, et notamment l'industrie, pour laquelle la recherche et l'innovation sont vitales face à la concurrence internationale, est adéquatement représenté au niveau des organes de discussion et de décision du fonds". 5 Milliounen Euro ginn op de Fonds national de la Recherche imputéiert, wat 23,05% vum Total vun de Kreditter fir d'Recherche ausmécht, 3,8 Millioune méi wéi am Exercice 2000. Dat sinn zukunftsorientéiert Signaler, déi e weideren Imagegewënn fir eist Land bedeiten. Mir sollen zousätzlech versichen, eis Efforen nach ze verstäerken, fir héich qualifizéiert Wëssenschaftler op Lëtzebuerg ze kréien, déi vu performanten Infrastrukture profitéiere kënnen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, viru Joren hat d'Finanz- a Budgetskommissioun schonn eng Kéier d'Fro vum Choix de société opgeworf, a wa meng Mémoire mech net am Stéch léisst, war deemools den honorablen Här Krecké Rapporteur. D'Fro, déi ee sech an dësem Zesummenhang stelle muss, ass folgend: Hu mir iwwerhaapt e Choix? Hu mir d'Méiglechkeet, d'Politik an eng Nohaltegkeet op ekonomeschem, ekologeschem a sozialem Niveau ze orientéieren, wann net d'Mentalitéit vun de Betraffenen, also vun eis alleguer, vun enger kuerzsiichteger an eng laangfristëg Mentalitéit iwwerwiesselt?

Laangfristeg denken an handelen heescht, de Räichtum vun eisem Land iwwer e verlängerten Zäitraum sou ze verdeelen, datt och déi kommend Generatiounen dovu profitéiere kënnen an déi aktuell Generatioun aner Prioritéite setzt, déi se inhaltlech och vläicht ab und zu méi zefridde mécht.

Et schéngt mer, wéi wa mir eis eens wieren iwwert den Objektiv. Effektiv: Jidderee wëll eng nohalteg Entwécklung! Mä wéi mir dësen Objektiv erreeche wëllen, do schéngen dach Differenzen ze bestoen. Eent ass awer kloer: Mir kënnen net vun haut op mar eist Land an eis Ekonomie komplett ëmkrempelen! Au contraire: A Richtung Nohaltegkeet wëllen ze goe bedeit, e laangfristeg ugeluegte Prozess anzeschloen. Selbstverständlech awer musse mir haut déi éischt Jalone setzen, déi laangfristeger Natur sinn.

Grondviraussetzung, fir d'Ziler vun der Nohaltegkeet ze erreechen, ass a bleift eng staark Ekonomie. Mir brauchen also de wirtschaftleche Wuesstum, mä en anere wirtschaftleche Wuesstum, e wirtschaftleche Wuesstum, dee méi op d'Qualitéit orientéiert ass. Dat ass deen eenzege Wee, fir op laang Siicht eis Gesellschaft virun der Fal vun der ekonomescher Ofhängegkeet ze schützen. Mir musse verhënneren, datt de wirt-

schaftleche Wuesstum am Endeffekt méi sozial an ekologesch Käschte bedéngt.

Dës Réorientatioun vun der Wirtschaftspolitik verlaangt selbstverständlech e performante Stat, eng héich Qualitéit vun der Educatiounspolitik, eng Promotioun vun den neien Technologien, en héijen Niveau an der Politik vun der Recherche an der Entwécklung an eng verstäerkt Integratioun vun ekologesche Wäerter an eis Denkschemen.

Fir kënnen eng Symbios tëscht Ekonomie an Ekologie ze realiséieren, muss d'Schafe vun neien Aarbechtsplaze méi selektiv geschéien. Déi extern Käschte kënnen net méi ignoréiert ginn. U sech sinn Ekonomie an Ekologie keng Antagonismen. Dës Approche wäert à long terme net nëmmen e wirtschaftleche Wuesstum garantéieren, mä och zu enger verbesserter Liewensqualitéit vun de Leit bäidroen an - dovu sinn ech iwwerzeegt - zu manner individuelle Problemer.

D'Finanzplaz ass ee vun de wirtschaftleche Secteuren, dee mir fleege mussen. Si huet Zukunft an erfëllt d'Norme vun enger wirtschaftlecher Aktivitéit, déi dem Geescht vum Développement durable Rechnung dréit. Op den 31. Juli 2000 huet sech d'Zomm vun de Bankebilanen op 616.266 Milliounen Euro belaf. Enn Juni vun dësem Joer hu 25.047 Persounen op der Finanzplaz geschafft. Wat d'Investmentfongen ubelaangt, sou si mir an Europa mat un der Spëtzt vum Peloton. D'Actifs nets vun deene 1.630 OPCen hu sech den 31. Dezember 1999 op 734,52 Milliarden Euro belaf, en astronomesche Chiffer. Den Impakt vum Finanzsecteur op eise Budget ass nach ëmmer ganz héich: Ronn 1,4 Milliarden Euro, also ëm 26% vun de Recetten, kommen dëst Joer aus dësem Secteur.

Mä d'Evolutioun vun eiser Bankeplaz ass zu engem groussen Deel ofhängeg vun der europäescher Fiskalitéit. Wat säin Impakt op eis Ekonomie méi grouss gëtt, wat de Finanzsecteur och ëmmer méi e groussen Dar am A vun eisen europäesche Partner gëtt. D'Ofhängegkeet vum Ausland ass grad hei enorm staark ze verspieren, nämlech ëmmer dann, wann erëm en neie Versuch an Europa ënnerholl gëtt, fir d'Bankeplaz Lëtzebuerg ze schwächen. Den Drock vum Ausland op eist Land ass grouss, immens grouss.

Grad an dësen Deeg si jo zu Bréissel wichteg Virentscheedunge fir d'Zukunft gefall. Meng Gespréicher mat verschiddene Vertrieder vun der Bankeplaz hu gewisen, datt de Finanzsecteur nach laang net bereet ass, ouni Bankgeheimnis sou virun ze liewe wéi bis elo. Dofir kann ech d'Regierung nëmme félicitéieren, datt si beim leschten Ecofin-Conseil d'Konditioun duerchgesat kritt huet, datt hei zu Lëtzebuerg näischt a puncto Bankgeheimnis geschitt, wat net och z.B. an der Schwäiz, zu Liechtenstein oder op de Kanal-Insele geschitt.

(Interruption)

Fir d'Finanzplaz nach méi attraktiv ze maachen, musse mir awer d'Gamme vun de Bankeproduiten diversifizéieren an nei Nischen op dësem Marché schafen, fir méi a méi d'Importenz vum Bankgeheimnis ze verréngeren a méi a méi d'Qualitéit vun eise Bankprodukter an eisen Know-how an den Vierdergrond ze stellen. Mir kënnen haut op alle Fall d'Bankgeheimnis net einfach sou opginn. Dat hätt schlecht Konsequenzen!

Mä och d'Formatioun am Finanzsecteur spillt eng grouss Roll. D'Effore fir en drëtten Zyklus am Finanzberäich mussen ënnerstëtzt ginn. De Projet „Luxembourg School of Finance" dréit mat Sécherheet zur weiderer Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz bäi, well et bestinn de Moment Problemer, fir Spezialisten ze rekrutéieren. Fir d'Kompetitivitéit an dësem Secteur och an Zukunft ze garantéieren, muss de Législateur awer permanent de gesetzleche Kader upassen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, als eng eemoleg Chance, wéi een eng Harmonie tëscht Schaffen, Wunnen, Fräizäitbeschäftegung an Naturschutz ka schafen, muss d'Revaloriséierung vun de Friches industrielles am Süde vun eisem Land ugesi ginn. Op deene ronn 600ha bitt sech d'Méiglechkeet, fir en neie Modell ze entwerfen, wéi een all d'mënschlech Aktivitéiten am Geescht vun der Nohaltegkeet gestalte kann. De Projet vun de Friches industrielles ass dofir a mengen Aen eng Aart Versuchs-Laboratoire, wou mir beweise mussen, ob Lëtzebuerg zukunftsfäeg ass oder net.

Schonn 1986 waren éischt Initiative vum deemolegen Ëmweltminister ënnerholl ginn, fir de Frichen eng nei Destinatioun ze ginn. Et huet allerdéngs gedauert bis de September 1996, wéi de GIE-Ersid gegrënnt gouf. Den Dossier ass elo op déi richteg Schinn gesat ginn. Ronn 7,4 Milliounen Euro sinn am Budget 2001 fir d'Entwécklung vun de Frichë virgesinn. Entre-temps ass jo och d'Gesellschaft Agora tëscht dem Stat an der ARBED an d'Liewe geruff ginn. Eng Prioritéit fält jo der Reconversioun vum Site Belval-West zou.

Eng nei Ausriichtung vum Süden däerf sech allerdéngs net eleng op d'Friches industrielles limitéieren. De Regionalplang Süden ass e gutt Instrument, fir dësem Deel vum Land nei potenziell Entwécklungsméiglechkeeten ze bidden. 12 Gemengen, déi an noer Zukunft an engem Syndikat sech wäerte regruppéieren, si sech bewosst, datt eng interkommunal Zesummenaarbecht där ganzer Regioun en neien Opschwong ka ginn.

Et muss allerdéngs e gudden Equiliber tëscht deenen eenzelnen Aktivitéite fonnt ginn. Virun allem déi wirtschaftlech Aktivitéiten däerfen net ze kuerz kommen. D'Kreatioun vun enger Cité des Sciences ass dréngend noutwendeg. Si bitt en ideale Kader, fir

ekonomesch Aktivitéiten ze förderen, déi Recherche, Technologie a Schafe vun Aarbechtsplaze matenee verbannen.

De PMEen, déi ëmmerhi 35,5 % vun eisem PIB ausmaachen, muss hei eng nei Chance gebuede ginnn, well si sinn nach ëmmer ee ganz wichtege Pilier vun eiser Ekonomie. An dësem Kontext soll iwwerhaapt op den héije Stellewäert vun de Classes moyennes an eiser Ekonomie higewise ginn. D'Finanz- a Budgetskommissioun ass dofir der Meenung, datt nach gewëssen Ustrengungen ënnerholl musse ginn, fir dem Secteur vun eiser Wirtschaft nei Impulser ze ginn. Dozou gehéiert mat Sécherhet d'Förderung vum Esprit d'entreprise, eng gutt Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Betriber, d'Verbesserung vum fiskalesche Kader an d'Verréngerung vun den administrative Chargen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Zukunft vum Land preparéieren, heescht ëmmer méi Verantwortung um ekologesche Plang huelen. Et gëtt nach ëmmer Stréimungen an eisem Land, déi am Ëmweltschutz éischter eng Gefor fir eis Ekonomie gesinn. Leider gëtt nach zevill oft den ekonomeschen Intérêt am Ëmweltschutz verkannt. D'Integratioun vum Ëmweltschutz a sämtlech sektoriell Politike schaaft mat Sécherheet nei Aarbechtsplazen. An dësem Kontext wëll ech de Mikhaïl Gorbatchev zitéieren, deen an der Nummer 92/2000 vun der Zäitschrëft „Naturopa" Folgendes geschriwwen huet: „... de nombreux autres emplois durables peuvent être créés, indirectement liés à la protection de l'environnement et respectant le droit au travail. Il faut pour cela un renversement des valeurs tant dans les esprits des responsables des gouvernements et des entreprises que dans les activités quotidiennes des citoyens, pour une reconnaissance de la valeur réelle de l'environnement, en tant qu'élément essentiel à la santé et à la croissance de l'économie et de la société".

Duerch den Traité vun Amsterdam huet eist Land sech op europäeschem Niveau verflicht, eng nohalteg Politik ze ënnerstëtzen. Sou ass am Artikel 6 vun dësem Vertrag nozeliesen: „Les exigences de la protection de l'environnement doivent être intégrées dans la définition et la mise en uvre des politiques de la Communauté visées à l'article 3, en particulier afin de promouvoir le développement durable."

Net zulescht déi dach alarmant rezent Noriichten iwwert d'Schmëlze vun dem Äis um Nordpol, wat den Expären no an direkter Relatioun mat dem Zäreneffekt steet, misst dach déi international Communautéit waakreg rëselen. Souguer, wa mir vun der Hypothees ausginn, wat zwar zimlech onwahrscheinlech ass, datt tëschent der Äerderwiermung an dem Ausstouss vun CO_2 an anere schiedleche Gase keen Zesummenhank besteet, esou wier et dach grondfalsch, fir mëttel- bis laangfristeg net eng aner Energiepolitik ze bedreiwen. Schliesslech wier dat jo och am Sënn vun enger verbesserter Loftqualitéit an enger méi grousser Onofhängegkeet vun de Pëtrolsprodukter.

Wann et ee Beräich gëtt, wou dëse Budget besonnesch Akzenter um Niveau vun der Nohaltegkeet setzt, dann ass dat d'Promotioun vun den erneierbaren an alternativen Energien. D'Regierung ass ouni Zweifel ze félicitéieren, datt si iwwert de Wee vun zwee groussherzogleche Reglementer bei alternativen Energieprojete Subsidien accordéiert a bei der Produktioun vu Stroum op Basis vun erneierbarer Energie, wéi Wand a besonnesch Sonn, finanziell Hëllefe gëtt. Am Ganze si ronn 1,5 Millioun Euro dofir virgesinn. An dësem Zesummenhank sief bemierkt, datt d'europäesch Kommissioun och der Meenung ass, datt eng Erhéijung vun dem Undeel vun erneierbaren Energië praktesch nëmme mat Hëllef vun der Photovoltaik méiglech ass.

Duerch de Réckgrëff op erneierbar Energië kann een zwee Haaptobjektiver erreechen:

1. An der Zukunft kann eng besser Versuergung mat Eegenenergie garantéiert ginn, an dofir kann ee méi onofhängeg vum Ausland ginn.

2. Virun allem kënne mir e wichtege Beitrag zur CO_2-Reduktioun leeschten.

Ze begréissen ass och, datt d'Gemengen, déi an der Energiepolitik ee wichtege Vecteur sinn, iwwert de Wee vum Emweltfong, hir Projete vun alternativen Energië bis zu 50% subventionnéiert kënne kréien, dat heescht 25% méi wéi ënnert deem fréiere PEEC-Programm.

Ronn 372.000 Euro sinn och virgesinn, fir energetesch Assainissementer vu Gebaier virzehuelen. Derniewent verfügt de Ministère vun de Classes moyennes iwwert e Kredit vun 247.894 Euro am Interêt vum Carnet d'habitat.

An dësem Kontext wëll ech d'Iddi vun engem sougenannten Energie-Pass opwerfen. An dësem Pass wieren all Aarbechten, déi zu enger verbesserter Energienotzung bei de Privatstéit géinge féieren, opgelëscht. De Besëtzer vun esou engem Energiepass hätt dann Urecht op d'staatlech Subventiounen.

Duerch dës Mesurë kéint mat Sécherheet eng zousätzlech Dynamik an der Promotioun vun den erneierbaren Energien entstoen. Gläichzäiteg di sech awer och nei potenziell ekonomesch Avantagen op. D'Demande no esou Installatioune mécht dëse Maart méi interessant. Hei gëtt also ee gutt Beispill geliwwert, wéi d'Ekologie effektiv ekonomesch wierksam ka sinn.

Aktiv géint d'Loftverschmotzung a fir d'Reduktioun vun CO_2 virgoen, heescht awer och den öffentlechen Transport verbesseren. D'Initiativ vum Transportminister, zesumme mat de Verantwortleche vun der Stad Lëtzebuerg, den Accès un de Kierchbierg, de

Findel an de Sennengerbierg, duerch eng Zuchrespektiv Tramverbindung ze verbesseren, ass ee Schrëtt an déi richteg Richtung.

Aktiv géint d'Loftverschmotzung virgoen, bedeit awer och nei Technologien am Stroosseverkéier promovéieren. Op dëser Plaz soll dofir virun allem op de Kaf vun 3 NE-Bussen, dat heescht No-Emission-Buses, higewisen ginn. Et sinn dat Bussen, déi op Basis vun der Brennstoffzellentechnik funktionéieren. Dës Initiativ gëtt gemeinsam gedroe vum Transportministère, der Stad Lëtzebuerg, Daimler-Chrysler, der FLEAA an der Europäescher Unioun.

Eng aktiv Ëmweltpolitik bedreiwen heescht awer och, den natierleche Liewesraum verbesseren. Ech denken do prioritär un d'Qualitéit vun eise Gewässerleef, wou leider queesch duerch d'Land nach vill Defiziter bestinn.

Eng aktiv Ëmweltpolitik bedreiwen heescht awer och, sech Gedanken iwwer eng sougenannten Eco-Fiskalitéit maachen. Ech wëll hei nach eng Kéier un d'Regierungserklärung vum 12. August 1999 erënneren, déi zu dëser Thematik klor war: „Le principe de l'introduction d'une taxe écologique trouve l'assentiment des délégations. L'instrument d'une taxe écologique doit présenter les caractéristiques d'un instrument destiné à influencer le comportement des consommateurs et producteurs, de sorte que son produit sera par essence variable sinon dégressif. Du fait de son caractère de „Lenkungsinstrument", il ne peut avoir qu'un effet neutre sur l'IPC. En aucun cas une taxe écologique ne peut augmenter la charge fiscale globale.„

D'Diskussioun ëm d'ekologesch Fiskalitéit, an där den Öko-Bonus soll mat berücksichtegt ginn, muss gefouert ginn, woubäi ze bedenken ass, datt mir schonns eng sougenannten Tax kennen, an zwar déi um Elektreschen. Déi nei Recetten, déi gegebenenfalls entstinn, däerfen, a mengen Aen, net fir d'Finanzéierung vu soziale Leeschtungen déngen, mä mussen integral an ëmweltschützeresch Projeten investéiert ginn, well soss d'Grondphilosophie vun enger Öko-Tax net respektéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den 3. Volet vun der Nohaltegkeet ass d'Sozialpolitik. D'Evolutioun vun eisem Sozialsystem ass direkt liéiert un d'wirtschaftlech Entwécklung vum Land. Et ass d'Flicht vun der Allgemengheet, an enger opgeschlossener Gesellschaft all deenen ze hëllefen, déi duerch hiert Onverschëlden net méi an der Lag sinn, mat eegene Kräften ee Liewen an Dignitéit ze féieren. Hei muss d'Solidarité nationale spillen. Mä d'Sozialpolitik muss och ëmmer realistesch gekuckt ginn. Si muss hir Grenzen do hunn, wou se ufänkt kontraproduktiv ze ginn. De Ruff no ëmmer méi sozialen Déngschtleeschtunge kann net als en Uerder un de Stat verstane ginn, d'Bierger aus der Verantwortung ze entloossen. D'Politik muss de Courage opbréngen, fir nees Wäerter wéi individuell Verantwortungsbewosstsinn an Ausübung vu Flichten ze propagéieren.

De Stat ka vill, mä net alles.

Virun allem an enger Period, wou d'Ekonomie Rekordzuele vermellt, gëtt den Appetit méi grouss. D'Fuerderungen no ëmmer méi iwwerschloe sech da gär, wéi mir dat jo och an deene leschte Woche konnten an dësem Land feststellen. Eenzelner menge souguer, ee Generalstreik misst ausgeruff ginn, fir déi béis politesch Verantwortlech an d'Knéien ze drécken. Sécher, déi momentan Situatioun vun eise Pensiouns- a Krankekeese géing kuerzfristeg finanziell Verbesserunge méiglech maachen. D'Fro, ob dat verantwortlech vis-à-vis vun der Zukunft an am Sënn vun der Nohaltegkeet ass, muss awer an dësem Kontext kënne gestallt ginn.

Huele mir als Beispill eise Pensionssystem. Enn 1999 huet déi legal Reserv 3,68 Milliarden Euro bedroen, dat war 2,64 mol d'Mindestreserv. Do läit d'Versuchung no, fir strukturell Verbesserunge virzehuelen. An dach muss een, besonnesch um Niveau vun eisem Pensiounssystem, laangfristeg denken, woubäi awer hei soll betount ginn, datt sougenannten Hongerrente kuerzfristeg sollen iwwert de Wee vum Budget verbessert ginn.

An der ganzer Diskussioun däerfe mir och net vergiessen, datt ëmmer méi Pensiounen an d'Ausland transferéiert ginn.

Et ass also derwäert, datt een am Pensiounsdossier e Bléck no vir werft. D'Etüd vum Bureau international du Travail kann zu dësem Zäitpunkt nach net kommentéiert ginn, well eréischt een Tëschebilan bekannt ass. Trotzdeem kann elo schonns festgehale ginn, datt mir laut dësem Tëschebericht bis d'Joer 2020 keng Finanzéierungsproblemer hätten, wann een annuelle Wuesstum vum PIB vu 4% bis dat Joer kéint realiséiert ginn. Zu ähnleche Konklusioune kënnt den technesche Bilan vum 20. November 1998 vun der Inspection générale de la Sécurité sociale, deen och Projektioune bis an d'Joer 2020 mécht, wou eng Lieweserwaardung vu 75,1 Joer fir d'Männer a vu 85,2 Joer fir d'Fraen erwaart gëtt.

Am niddrege Scénario brauche mir am Joer 2020 méi wéi 2 Assuréen, fir eng Pensioun ze finanzéieren. Am mëttelere Scénario bleiwe mir am Joer 2020 nach ënnert dësem Seuil. Den idealen Zoustand erreeche mir mam héije Scénario, wou am Joer 2020 de Coefficient de charge 36,51% ass, dat heescht datt manner Assuréë gebraucht ginn, fir d'Pensiounen ze bezuelen. An dësem Scénario dierft déi legal Reserv bei 3,71 leien, also ee gudde Polster. Déi leschtgenannte Projektioun bedéngt allerdéngs en Zouwuess vun 10.000 Aarbechtsplaze pro Joer, a spéitstens hei stelle sech dann déi kruzial Froen:

- Ass dat d'Zil, wat dëst Land sech stellt?

- Wëlle mir esou ee Wuesstum, deen net nëmme qualitativ Verbesserunge mat sech bréngt, mä deen och qualitativ Verschlechterunge bedeit?

- Si mir bereet, an eng Wuesstumsfal ze tappen oder wëlle mir eis géint dës ekonomesch Ofhängegkeet wieren?

- Acceptéiere mir, datt eist Land ëmmer méi zersiedelt gëtt, datt nach all Dag méi Autoen eis Grenze passéieren a fir Chaos op de Stroosse suergen?

- Si mir bereet, vläicht en Deel vun eisem Iwwerfloss opzeginn an nees aner Wäerter an de Vierdergrond ze stellen?

- Si mir och bereet, an der Finanzéierung vun eisem Pensiounssystem nei Weeër ze goen, ee Wee deen eis erlaabt, manner ofhängeg vun dem wirtschaftleche Wuesstum ze sinn?

Sécher all déi Froen, dat ginn ech ganz gären zou, sinn net liicht ze beäntwerten, mä si musse gestallt ginn. An ech géing mengen, d'Zäit ass räif, datt mir ee grouss ugeluegten Débat féiere sollen iwwert d'Zukunft vun dësem Land, ee Land fir dat et sech lount, sech ëm seng Zukunft Gedanken ze maachen. Dësen Débat huet awer nëmmen eng Chance, wann e fräi vun hyperideologeschen Iddië gefouert ka ginn. All Acteur soll sech doru bedeelegen, et ass keen Terrain, deen nëmmen der Politik soll reservéiert sinn. An dës Fro beschäftegt vill Leit, ganz vill Leit. Aus alle soziale Schichten. Net zulescht déi 39 Entrevuën, déi ech mat de Forces vives aus eisem Land hat, hunn dat bewisen. Jo d'Leit dobausse maache sech Suergen ëm eis Zukunft. D'Politik huet elo déi eemoleg Chance ze handelen, well d'Finanze gutt sinn.

Eng Plate-forme, fir iwwer Renten ze diskutéieren, huet hire Sënn, mä et ass nëmmen een Deelaspekt vun der ganzer Problematik. Loosse mer déi Plate-forme méi grouss maachen an eis méi wäitgehend iwwert de wierkleche Fong vum Problem ënnerhalen. Ech wëll awer gläich virausschécken, datt et net just duergeet, en Débat ze féieren, mä mir mussen eis och iwwer weider konkret Mesuren eens ginn. Philosophesch-ideologesch Stilübunge si vläicht flott, mä mir brauchen elo konkret Léisungsvirschléi.

An dëse Problem huet leider nach aner Facetten. Vill Leit fille sech net méi wuel an dësem System. Si packen den Drock net méi, si flüchte virun der Realitéit. Vill individuell Schicksaler gëtt et, nëmme wéineg sinn der bekannt. Den Drogekonsum ass steigend. Dat muss dach eng Ursaach hunn. De Gesondheetsminister ass sech der Problematik bewosst. Hien huet vill Efforen a sengem Budget gemaach, fir dëse Fléau aktiv ze bekämpfen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dir Dammen an Hären, ech géif ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.-* Et ass de staarke Wonsch vun all Papp an all Mamm, datt hir Kanner ni a Kontakt mat Droge kommen. Et ass dat meeschtens d'Enn vun engem hoffnungsvolle Liewen. Dofir musse mir endlech eng seriös Diskussioun féieren, ob Leit, déi Droge konsuméieren, krank sinn oder net. Wa mir der Menung sinn, datt et sech ëm krank Persounen handelt, dann däerfe si och net an de Prisong gespaart ginn. Villméi muss et awer drëm goen, fir ze verhënneren, datt d'Leit an eng Situatioun kommen, wou si keen Auswee méi gesinn.

Mir gesinn dat zum Beispill ganz kloer, wa mir d'Aarmuttssituatioun zu Lëtzebuerg kucken. Och wa Lëtzebuerg déi beschte Wirtschafts- a Finanzdaten opzeweisen huet, sou gëtt et dofir net manner Aarmutt bei eis. Tëschent 1995 a 1998 ass d'Aarmutt, laut enger Etüd vum CEPS-Instead, esouguer liicht eropgaangen, dat also an de Jore vun héijem Wirtschaftswuesstum.

Mir däerfen d'Aen net verschléisse vis-à-vis vun dësem Fléau a musse versichen, datt esou mann wéi méiglech Leit an dës Situatioun kommen. Déi sougenannte Revenus de remplacement si gutt a si verhënneren, datt nach méi Leit an d'Aarmutt erarëtschen.

Et ass awer a mengen Ae besser, vun Ufank un ze versichen, dës Situatioun iwwer eng gutt Formatioun ze verhënneren. Kanner, déi an net méi funktionéiernde Familljestrukturen opwuessen, musse gehollef kréien, besonnesch wann ee weess, datt et ëmmer méi oft virkënnt, datt Kanner regelrecht vun den Elteren abandonnéiert ginn. Et ass also e Besoin do, fir de Familljen erëm méi staark de Gedanke vun der Responsabilitéit ze vermëttelen a si méi staark an d'Flicht ze huelen.

D'Iddi vum neie Lëtzebuerg, vun deem am schréftleche Rapport geschwat gëtt, muss der Aarmutt besonnesch Rechnung droen. Wa mir vu qualitativem Wuesstum schwätzen, da musse mer och eng qualitativ héichwäerteg Formatioun an Erzéiung garantéieren. Hei huet net nëmmen de Stat eng Roll ze spillen, mä virun allem jiddfer Eenzelen an d'Gesellschaft.

Eist Land muss seng Chance notzen, fir sech ganz schnell un dat neit ekonomescht Ëmfeld unzepassen. Mir däerfen allerdéngs déi net vergiessen, déi Problemer hunn, fir sech op deen neie Rhythmus anzestellen. Et gëllt also eng Konzeptioun vun engem „New Luxembourg" ze schafen. Dës Konzeptioun baséiert op folgenden Elementer:

1. Ee performante Schoulsystem;

2. de Wëllen an déi nei Ekonomie ze investéieren;

3. eis Ekonomie ze diversifizéieren an

4. eng Gesellschaft schafen, déi sech duerch eng staark sozial Kohesioun auszeechent.

Effektiv muss eist Land versichen, esou wéi an der Vergaangenheet, en atypesche Wee an dat neit Lëtzebuerg ze fannen, dat heescht en ekonomeschen a soziale Modell schafen, deen no de Besoine vun eiser Gesellschaft an eiser Ekonomie orientéiert ass. Dozou gehéiert awer och d'Fäegkeet, eis kulturell Identitéit an engem sech verännernden Ëmfeld ze festegen, ouni ze vergiessen, datt d'Zukunft vum Land ofhängeg ass vun engem ausgeglachenen Zesummeliewe mat eisen auslännesche Bierger.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, d'Analys vum Budget fir d'Joer 2001 beweist, datt eist Land bei engem kruziale Moment vu senger Geschicht ukomm ass. Haut muss eis Ekonomie nei grouss Erausfuerderungen unhuelen. Eis ganz Gesellschaft, also de Stat, all d'Acteuren aus der Zivilgesellschaft an aus der Wirtschaft, bref, all Bierger, mussen dësen Défi unhuelen, fir den Objectif vum neie Lëtzebuerg ze erreechen.

Dofir musse mir eng laangfristeg Approche an eisem politeschen Denken zum Ausdrock bréngen. D'Konzeptioun vum Développement durable, fir d'Ekonomie, d'Ekologie an d'Sozialpolitik besser ze harmoniséieren an ze koordinéieren, ass de Guide um Wee fir an dat Lëtzebuerg. Dobäi muss een och ënnersträichen, datt mir an enger europäescher Gemeinschaft liewen. An der Zukunft gewannen dofir eis Verflichtungen op internationalem Niveau ëmmer méi u Bedeitung.

D'Schafe vun engem Corps civil erlaabt eis zum Beispill, anere Leit a frieme Länner ze hëllefen. Et ass dat eng nobel Aufgab. 0,76% vum Revenu national brut stelle mir der Kooperatioun an der Entwécklungshëllef zur Verfügung. Den Objectif ass 1% bis um Enn vun dëser Legislaturperiod. Domat bezeie mir, datt et eis eescht gemengt ass, fir ee klenge bescheidene Bäitrag zu dem Kampf géint de grousse Misère, deen op ville Plazen op dëser Welt doheem ass, ze leeschten.

Eist Land kennt zënter Joren eng ganz gutt, jo et kann ee scho behaapten, eng excellent wirtschaftlech Situatioun. Dat ass schonn e puermol hei duerchgeklongen. D'Statsfinanze sinn, wéi gesot, gesond, d'Ekonomie dréit an engem héije Rhythmus, de soziale Schutz ass ëmfassend. Mä dëst Bild vun eisem Land ass net komplett: De Phenomeen vun der Aarmutt, deen ech schonn ugesprach hunn, gëtt et och. Den Taux de suicide ass héich, vill ze héich, d'Liewensqualitéit léisst a verschidde Géigende vum Land ze wënschen iwwreg an den héije Konsum vun Droge mécht eis, wéi gesot, Suergen.

Mä wat sinn dann elo d'Ursaache vun deene Gesellschaftsproblemer? Firwat zerstéiere vill Leit hiert Liewe selwer? Maache mir eis genuch Gedanken doriwwer? Hei an do huet een d'Gefill, wéi wa sech e gewëssenen Desinteresse un de wierkleche Problemer vun eiser Gesellschaft géing breet maachen. Si mir also net gefuerdert, fir deelweis nei Weeër ze goen?

Op dësem Wee musse mir och nees méi ethesch Grondsätz an eist Handelen an Denken iwwerhuelen. Grad eng Kris wéi déi vum BSE mécht kloer, wéi wäit eis Gesellschaft sech vun elementare moralesche Prinzipien entfernt huet. Wa Profitdenke keng Barrièrë méi kennt, dann huet eng ganz geféierlech Entwécklung agesat. An dës Tendenz musse mir net nëmme bremsen, mir musse se stoppen. Si gëtt zu engem Fléau, deen d'Fundament vun eisem gesellschaftlechen Zesummeliewen zerstéiert.

De Mënsch däerf sech net iwwer all natierlech Bestëmmungen ewech setzen. Hien huet eng moralesch Verflichtung vis-à-vis vun de kommende Generatiounen. „Ohne Ehrfurcht vor dem Leben hat die Menschheit keine Zukunft", huet den Albert Schweitzer eng Kéier gesot. Einfach Wierder, mä Wierder mat engem déiwe Sënn, déi mir respektéiere sollen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg vill Atouten. Loosse mir déi excellent finanziell Situatioun notzen, net fir kuerzfristeg Bënëfisser mat laangfristegen nefaste Konsequenzen ze erreechen. Neen, loosse mir se notzen, fir an dat neit Lëtzebuerg vu muer ze investéieren!

Ech soen Iech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Rapporteur, dem Här Gusty Graas.

Muer de Mëtteg, um halwer dräi, héiere mer den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden. Domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.22 heures)